



# SÉANCE 31

JEUDI,  
10 JUILLET 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
  - M. le Président
2. 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011 (suite)
  - Dispense du second vote constitutionnel
3. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Gérard Anzia
  - M. le Président
  - Tirage au sort des députés constituant la Commission de vérification
  - Suspension de la séance publique de 9.10 à 9.23 heures
  - M. Luc Frieden
  - Rapport de la Commission de vérification: M. Guy Arendt
  - Prestation de serment et discours de M. Gérard Anzia

4. 6686 - Projet de loi modifiant l'article 6, paragraphe 1 de la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux
  - Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox
  - Discussion générale: M. Marcel Oberweis, Mme Cécile Hemmen, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Henri Kox)
  - Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 6654 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre et autorisant la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13
  - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Gusty Graas
  - Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Roger Negri, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel, M. Michel Wolter
  - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. Marcel Oberweis pose une question)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6. 6697 - Projet de loi relatif à l'équipement meublant, scientifique, informatique et autre de certains bâtiments de la Cité des Sciences à Belval
  - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
  - Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Georges Engel, M. Eugène Berger, M. Justin Turpel
  - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. François Bausch, Fernand Etgen, Claude Meisch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 9.05 heures)

## 1. Ouverture de la séance publique

► M. le Président.- Eis Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

## 2. 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011 (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

Ech hunn eng kleng Kommunikatioun ze maachen. Gëschter Owend zum Schluss vun der Sëtzung huet de President leider vergiess ze froen, ob mer d'Dispens vum zweete verfaassungsméissege Vote, net fir de Projet Sukuk, mä fir de Projet Taiwan ginn.

Ech froen dofir elo d'Chamber: Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfaassungsméissege Vote zum Projet 6552 ze ginn?

(Assentiment)

► M. le Président.- Da soen ech lech villmoos Merci fir Ar Indulgence.

► M. Gast Gibéryen (ADR).- No räiflecher Iwwerleeung an dëser Nuecht.

(Hilarité)

► M. le Président.- Merci villmoos, et kënnt och net méi vir.

► Une voix.- Oh, dat géif ech net soen!

(Brouhaha)

## 3. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Gérard Anzia

► M. le Président.- Sou, mer kommen dann zu méi engem feierlechen Akt. Mir huelen haut de Moien en neie Member an d'Chamber op.

An hirem Bréif vum 25. Juni 2014 huet d'Madame Christiane Wickler matgedeelt, datt si zum 10. Juli vun dësem Joer op hiert d'Députéieremandat verzicht.

Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir: Déi Kandidaten, déi op jiddwer Lësch no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff, d'Mandater vun deenen Députéierte weiderzeféieren, déi duerch Demissiou, Stierfall oder iergendengem anere Grond fräi goufen.

Den Artikel 9 vum Chambersreglement hält fest, datt de Chamberspresident fir d'Succes-

sion vun deem vakanten Députéieremandat suergt, nodeems en de Statsminister doriwwer a Kenntnis gesat huet.

A sengem Bréif vum 26. Juni 2014 huet den Här Frank Thillen matgedeelt, datt seng Fra an déi vum Här Députéierte Claude Adam Schwëstere sinn.

Den Artikel 131 vum Wahlgesetz seet, datt d'Députéierten énnereeneen net kënnen an direktum Familljebond oder duerch Bestietnis verwandt sinn, an dat bis zum zweete Grad. Doduerch kann den Här Frank Thillen säi Mandat net unhuelen.

A mengem Bréif vum 27. Juni 2014 hunn ech mech also un den Här Gérard Anzia vun Useldeng gewannt, deen als nächste Suppléant op der Lësch vun deene Gréngéng aus dem Wahlbezirk Norde steet.

A sengem Bréif vum 1. Juli 2014 huet den Här Gérard Anzia matgedeelt, datt hie bereet ass, d'Mandat vun der Madame Christiane Wickler ze iwwerhuelen.

Am Artikel 3, Paragraphen 1, 4 a 5 vum Chambersreglement stéet Folgendes:

1) La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

4) En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de sept membres tirés au sort.

5) La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides.»

Ech géif lech da bieden, d'Kommissiou ze konstituéieren, wéi et am Artikel 3, Paragraph 4 virgesinn ass.

### Tirage au sort des députés constituant la Commission de vérification

A mir lousen elo d'Députéierten aus, déi an däi Kommissiou solle schaffen: Den Här Kartheiser, d'Madame Hansen, den Här Frieden, den Här Guy Arendt, den Här Marcel Oberweis, den Här Frank Arndt. Ass en do? Ah, do ass en, en hat sech verstopppt. An den Här Claude Wiseler.

Ech géif also d'Kommissiou bieden, am Sall 4-5 - et ass ee ganz groussen - zesummenkommen, fir d'Resultater vun de Wahle vum 20. Oktober 2014 ze préiwen, virun allem, wat den Här Gérard Anzia betréfft, an der Chamber doriwwer Bericht ze erstatten.

Domat ass d'Sétzung énnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 9.10 heures.)

\*\*\*

(La séance publique est reprise à 9.23 heures.)

Déi effentlech Sétzung geet weider.

D'Wuert huet elo de President vun der Kommissiou, déi mer just konstituéiert hunn, den honorabelen Här Luc Frieden.

► M. Luc Frieden (CSV).- Här President, déi Kommissiou, déi Dir virun e puer Minuten duerch Lous zesummegesat hutt, setzt sech aus folgenden Députéierten zusummen - an däi Reiefolleq, wéi Dir se geloust hutt: den Här Fernand Kartheiser, d'Madame Martine Hansen, den Här Guy Arendt, den Här Marcel Oberweis, den Här Frank Arndt, den Här Claude Wiseler an ech selwer. An däi Kommissioussitzung, déi elo grad statfonnt huet, hunn d'Kollegé mech zum President vun däi Kommissiou ernannt an den Här Guy Arendt als Rapporteur.

Ier ech lech géif bieden, Här President, dem Här Arendt d'Wuert ze ginn, fir säi Rapport am Numm vun der Kommissiou ze maachen, géif ech just wéllen drop hiwiesen, datt d'Kommissiou opgrond vun deenen Erläuterungen, déi Dir virdu gemaach hutt, nämléch, wou Der eis matgedeelt hutt, datt deen Nächstgewielten op der Lësch net kéint an d'Chamber noréckelen, well en iwwer Bestietnis e Lien huet mat engem Kolleg, deen heibanne sëtzet, sech d'Fro gestallt huet, ob d'Chamber an enger appropriéierter Kommissiou net eng Kéier misst déi dote Problematik ganz iwwerkucken, well et haut niewent dem Bestietnis och aner Forme vun Zesummeliewe ginn, déi hei net concerénéert sinn oder net a Betrucht gezu ginn, respektiv déi Leit, och déi, déi am Bestietnis sinn, kee gemeinsame Virfahren hunn, an dat schon eng Problematik ass, déi ee vläicht nach eng Kéier misst kucken.

D'Ratio vum Gesetz ass kloer: Et soll évitéiert ginn, datt hei ganz Familjen oder Familleclane

géifen d'Demokratie dominéieren. Trotzdem, mengen ech, war dat den Ausdruck vun der gesamter Kommissiou, datt et derwáert ass, datt déi Problematik eng Kéier géif am Detail gekuckt ginn.

An ech wollt lech als President vun der Kommissiou, Här Chamberspresident, dëse Message vun där Kommissiou matginn. Dat gesot géif lech als bieder, dem Här Députéierte Guy Arendt d'Wuert ze ginn, fir de Rapport vun der Kommissiou ze maachen.

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► M. le Président.- Merci dem Här President an der Kommissiou fir déi Suggestiounen. An ech géif dann direkt dem Rapporteur vun der Kommissiou, dem Här Guy Arendt, d'Wuert ginn. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de vérification

► M. Guy Arendt (DP), rapporteur.- Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Kommissiou ad hoc géif ech lech elo eise Rapport virdroen.

An hirem Bréif vum 25. Juni 2014 huet d'Madame Christiane Wickler de Chamberspresident doriwwer informéiert, datt si ab dem 10. Juli dëses Joers op hiert Députéieremandat verzicht.

Sou wéi den Artikel 167 vum Wahlgesetz an den Artikel 9 vum Chambersreglement et virgesinn, ginn déi Kandidaten, déi op jiddwer Lësch no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Députéierte weiderzeféieren, dat duerch Demissiou, Stierfall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf. De Chamberspresident suergt fir d'Succesioun vun deene vakanten Députéieremandater an informéiert den Statsminister dovunner.

A sengem Bréif vum 26. Juni 2014 huet den Här Frank Thillen, éische Suppléant op der Lësch vun der Partei vun deene Gréngéng am Wahlbezirk Norden, de Chamberspresident doriwwer informéiert, datt hien duerch Bestietnis e Familljebond mam Här Députéierte Claude Adam huet.

Den Artikel 131 vum Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 gesäit vir, datt d'Membere vun der Chamber net kënnen bis zum zweete Grad Famill matenee sinn, an dat och duerch Bestietnis. Am Fall, wou si zesumme géife gewielt ginn, gett iwwer Lous de gewielt Kandidat proklaméiert. Deemno kann den Här Frank Thillen dat fräit Mandat net unhuelen.

A sengem Bréif vum 27. Juni 2014 huet den Här Chamberspresident Mars Di Bartolomeo sech un den Här Gérard Anzia gewannt, deen als nächste Suppléant op der Lësch vun der Partei vun deene Gréngéng aus dem Wahlbezirk Norden, deeselwechten Dag huet de Chamberspresident och de Premierminister dorriwwer informéiert.

Am Artikel 118 vum Wahlgesetz a méi speziell am Artikel 3 vum Chambersreglement ass virgesinn - ech zitéieren: «La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.»

Eis Kommissiou hat als Aufgab, déi néideg Verifikatiounen virzehuelen. D'legislativ Wahle vum 20. Oktober 2013 sinn den 13. November 2013 vun der Chamber iwwerpréit a validéiert ginn. Aus de Procès-verbaux vun dëse Wahle geet ervir, datt den Här Gérard Anzia, wunhaft zu Useldeng, effektiv deen nächste Suppléant op der Lësch vun der Partei vun deene Gréngéng am Wahlbezirk Norden ass, fir der Madame Christiane Wickler hir Plaz unzehuelen, no hirer Demissiou an nodeems den Här Frank Thillen dat Mandat wéinst enger Inkompatibilitéit duerch den Artikel 131 vum Wahlgesetz net konnt unhuelen.

A sengem Bréif vum 1. Juli 2014 huet den Här Gérard Anzia eise Chamberspresident informéiert, datt hien d'Mandat vun der Madame Christiane Wickler wéllt weiderféieren.

D'Kommissiou stellt eestëmmeg fest, datt náischt géint d'Vereedegung vum Här Gérard Anzia schwätzt a wénscht him vill Glück bei der Ausübung vu sengem Mandat. Den Dossier, deen der Kommissiou zur Verfügung gestallt gouf, géit um Bureau déposéiert.

Ech soen lech Merci.

► Une voix.- Très bien!

► M. le Président.- Merci dem Här Guy Arendt.